



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. Januar 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Am aktuelle Koalitiounsprogramm vun der Regierung heescht et am Zesummenhang mat der „Protection des majeurs incapables“:

« La législation nationale sera adaptée en vue de la mettre en conformité avec les standards définis par la Convention de l'ONU relative aux droits de la protection des personnes handicapées. Il sera procédé à une refonte complète du droit national de la protection des majeurs avec pour finalité le renforcement de l'autonomie des personnes sous le coup d'une mesure de protection. La Convention de La Haye du 13 janvier 2000 sur la protection internationale des adultes sera ratifiée. Les personnes et institutions qui assument la responsabilité d'être tuteurs verront leurs activités mieux définies sur le plan juridique, institutionnel et matériel. »

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

- 1) Wéi steet d'Regierung zur Iwwerleeung, en „Registre de tutelle“ anzeféieren, deen et enger Persoun erlaabt, soulaang se nach bei klorem Verstand ass, ze soen, wee si sech als Tuteur wënscht fir de Fall, wou si ënner Tutelle gestallt géif ginn?
- 2) Wéi eng Mesuren huet d'Regierung säit 2018 ënnerholl, fir déi am zitéierten Extrait formuléiert Versprieche ëmzesetzen?
- 3) Firwat huet Lëtzebuerg déi am Extrait zitéiert Haager Konventioun vum 13.1.2000 nach net ratifizéiert (Quell: <https://www.hcch.net/fr/instruments/conventions/status-table/?cid=71>)? Ass dru geduecht, dat nach, wéi am Koalitiounsprogramm virgesinn, virun den nächste Chamberwahlen ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding

Deputéierten